N°8229
Entrée le 10.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

De Koalitiounsaccord vun der Regierung gesäit d'Aféierung vun engem interministerielle Comité vir, deen sech mat der Loftqualitéit hei zu Lëtzebuerg beschäftege soll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf esou ee Comité agefouert?
2. Wa jo, wéi oft huet sech dëse säit senger Grënnung getraff?
3. Wa jo, wéi eng Ministèren oder Administratioune si Member vum Comité?
4. Wa jo, goufen och extern Experten zu deem Sujet an de Comité fir Sitzungen invitéiert? Ëm wien handelt et sech?
5. Wa jo, huet de Comité Rapporte veröffentlecht zu senge Sitzungen a wou si se ze fannen?
6. Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten